PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
29 OCT. 2019
1403

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, Konsumenteschutz & Gesondheet weiderzeleeden.

An der Hierschtsaison bidde vill gastronomesch Betriber Wëldfleesch un, wat zu Lëtzebuerg geschoss a verschafft gouf. Dëst Fleesch däerf fir de Commerce a fir d'Produktioun vun Iesswuere benotzt ginn.

D'Juegdgesetz reegelt an dem Kontext den Ëmgank mat Déieren, déi geschoss goufen. Dat geschossent Déier muss virum Ofliwweren an d'Schluechthaus ausgeholl a markéiert ginn. D'Kontroll vum Fleesch gëtt am Schluechthaus duerchgefouert. Wat d'Killketten an d'Hygiènesmesurë betrefft, do bleift d'Gesetz flou.

An eisen Nopeschlänner bemängelen Déiereschutzorganisatiounen dofir d'Consommatioun vun dësem Fleesch. De Konsum wär bedenklech, wéinst mangelhafter Hygiène, Kontrollen, an deelweis Belaaschtung duerch Toxinnen, resistente Keimen a Schwéiermetaller.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Zäit däerf tëscht dem Ofschoss vum Déier an dem am Gesetz virgesinnen Schluechten vergoen? Anescht gefrot, wéi laang däerf een Déier nom Ofschoss ongekillt leie bleiwen? Kann de Landwirtschaftsminister versécheren, dass dës Delaien ëmmer agehale ginn?

2. Wéi eng staatlech onofhängeg Instanze kontrolléieren de Commerce vum Wëldfleesch? Ween kontrolléiert d'Anhale vun der Killketten? Wéi oft sinn dës Instanze bei de Juegten an de Schluechthaiser present fir d'hygienesch Kontrolle vum Wëllt duerchzeféieren?

3. Ass de Landwirtschaftsminister der Meenung, dass de Konsum vu Wëldfleesch onbedenklech ass? Kann de Minister an dem Zesummenhang eng Belaaschtung vum Fleesch duerch Bläi, Dioxinnen, resistent Bakterien a Cäsium ausschléissen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L – 2338 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 DEC. 2019

Luxembourg, le 29 novembre 2019

Concerne: Question parlementaire n° 1403 du 29 octobre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen
Réf. : 829x5b4ae

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et du soussigné à question parlementaire n° 1403 du 29 octobre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant la "Viande de gibier".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Étienne SCHNEIDER
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Santé, de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n° 1403 du 29 octobre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant la "Viande de gibier".

Wéi vill Zäit däerf tëscht dem Ofschoss vum Déier an dem am Gesetz virgesinne Schluechte vergoen? Anescht gefrot, wéi laang däerf een Déier nom Ofschoss ongekillt leie bleiwen? Kann de Landwirtschaftsminister versécheren, dass dës Delaien ëmmer agehale ginn?

D'Hygiènekonditiounen, déi sech op d' Wëldfleesch bezéien, sinn an der europäescher Liewensmëttellegislatioun festgehal.

Des Legislatioun definéiert de Jeeër als een Operateur vun de Liewensmëttelketten, an hien huet als solchen d'Responsabilitéit, d'Konditioune vun der Liewensmëttelsécherheet fir d'Wëldfleesch, wat an den Handel geet respektiv op der Juegd verdeelt gëtt, ze respektéieren.

De Jeeër muss och dofir eng speziell Formatioun maachen, déi an der Legislatioun virgesinn ass. Des Legislatioun gesäit awer keng fixe Delaie fir, wéini dass geschossent Wëld muss gekillt ginn.

Dëst hänkt vun enger Rei vu Facteuren of, mee de Jeeër huet am Sënn vun der Liewensmëttelsécherheet all Interêt, d'Wëld, nodeems et opgebrach gouf, esou séier wéi méiglech ze killen; duerfir stinn op enger Partie Juegte Killcamionen respektiv Unhänger prett, fir d'Karkasse vum Wëld ze killen.

Wéi eng staatlech onofhängeg Instanze kontrolléieren de Commerce vum Wëld Fleesch? Ween kontrolléiert d' Anhale vun der Kill Ketten? Wéi oft sinn dës Instanze bei de Juegten an de Schluechthaiser present fir d 'hygienesch Kontrolle vum Wëllt duerchzeféieren?

All d'Karkassen, déi an déi sougenannten "ateliers de traitement de gibier" vun de Jeeër geliwwert ginn, gi vun den Inspektere vun der Veterinärsinspektioun kontrolléiert, ier se als genusstauglich gestempelt ginn an dann an de Commerce kommen. Bei de Wëllschwäi ginn och nach Prouwe geholl, fir d'Analysen op Trichinen ze maachen.

Ass de Landwirtschaftsminister der Meenung, dass de Konsum vu Wëld Fleesch onbedenklech ass? Kann de Minister an dem Zesummenhang eng Belaaschtung vum Fleesch duerch Bläi, Dioxinnen, resistent Bakterien a Cäsium ausschléissen?

Wat d'Réckstänn vu chemesche Substanze betrëfft, ginn all Joer eng Rei vun Analysen am Kader vun engem Kontrollplang, dee vun enger europäescher Direktive virgeschriwwen ass, gemaach. D'Zuel vun den Analysen an d'Substanzen, déi ënnersicht ginn, kann een am Rapport annuell vun der Veterinärsinspektioun noliesen.

An den Analyse vun de läschte Jore goufen keng signifikativ Konzentratioun vu Réckstänn am Wëldfleesch detektéiert.

Dëse selwechte Constat betrefft d'Analysen op Cäsium, déi vun der Radioprotektioun duerchgefouert ginn. Deemno kann ee festhalen, an dëst och nach op Basis vun aner Kritären, dass d'Wëldfleesch ee natierlecht a gesond Liewensmëttel duerstellt.

An deem Zesummenhang kann een och nach eng Kéier rappeléieren, dass d'Afrikanesch Schwéngspescht kee Risiko fir d'ëffentlech Gesondheet, souguer wat de Konsum vun eventuell kontaminéiertem Wëldschwéngefleesch betrëfft, duerstellt.

Och sief nach eemol drun erënnert, dass Lëtzebuerg nach ëmmer fräi ass vun der Afrikanescher Schwéngspescht.